LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 14 JUIN 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 JUIN 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune du Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et du Ministre du Logement à la question parlementaire N° 679 du 8 mai 2019 de l'honorable député Monsieur Ali Kaes, concernant l'ancienne cité militaire à Diekirch, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité et des
Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an vun der Madame Sam Tanson, Ministesch fir Wunnngsbau, op déi parlamentaresch Fro n°679 vum 8. Mee 2019 vum honorablen Deputéierte Ali KAES

A senger parlamentarescher Ufro wëllt den honorabelen Deputéierte Ali Kaes verschidden Informatiounen hunn iwwert déi fréier Cité Militaire zu Dikrech.

D'Gebai, dat vun 1994 datéiert, ass am Kader vum Delogement vun der Police grand-ducale,an der Neiopdeelung vun deenen anere staatleche Verwaltungen an déi respektiv Raimlechkeete renovéiert ginn an ass deementspriechend an engem appropriéierten Zoustand. D'Investitiounen an deene leschten 10 Joer belafen sech op EUR 2.500.000.- TTC.

Am Kader vun der Rekonversioun vun der fréierer Cité Militaire huet d'Regierung decidéiert dat administrativt Gebai an de PAP mat opzehuele fir en optimaalt Gesamtkonzept a Punkto Amenagement an Architektur ze erméiglechen. Duerch den Neibau vum administrative Gebai kann de gesamte Quartier besser un de Kär vun Dikrech ugebonne ginn. Eleng am administrativen Gebai enstinn nieft de Bürosraim och nach ronn 60 Wunnengen. Insgesamt enstinn esou ronn 180 Wunnengen um Site, also ronn 120 méi ewéi aktuell.

Et ass virgesinn, dass déi verschidde Verwaltungen, déi an der fréierer Cité Militaire ugesidelt sinn, wärend der Bauphase weiderhin zu Dikrech bleiwen.